

DOLCE FAR NIENTE !

P e r s o ' n e n

Madame WAGENER,

ELLY, ANNIE, LONY: hir Médercher

MARIE: Kechen

BETTY: Bonne à tout faire.

1. A k t

Eng frendlech Stuff - Rechts eng Fenster, doniewend en Ne'dösch, lenks e Piano. Am Fong eng Dir, an engem Eck en Uewen. Dann e Canapé an e puer Miwelen, an der Mött eng Staffelei mat Bild. Färwen a Palett.

1. Szen: ELLY, LONY

(allebe'd an eleganten Hauskléder. Elly sötzt um Piano (an übt; Lony sötzt beim Ne'dösch a mecht Filet)

LONY : (geheit de Métier ewech, sprengt op a gét opgerégt dorömmen) Nén, ech karn haut net me' u mengem Filet schaffen, ech sin ze vill opgerégt.

ELLY : (Gräd eso') An ech sin nervös bis an d'Fangerspötzen.

LONY : D'Marie! - Et ass jo fir ze lächen, wât dât éfällegt Déngen sech abillt?

ELLY : Timengt, könnt ons kommande'eren, we' wa mir d'Méd an hat d'Madame wär.

LONY : An dobei gött (d'Madame) d'Mamma em nach emmer recht, t'ass einfach onerhe'ert.

ELLY : Also, haut muss et jo gôen, dann hält den Ierger fir ons op.

LONY : An denk dir emol, Elly, trotzdem huetet mir elo gräd nach zo'gemutt, Muerchkniddelcher höllefen ze mâchen. O t'ass schändlech.

ELLY : A mir huet et haut de Muergen d'Stöpslomp an d'Hand gedréckt, domat sollt ech mech am Ställchen beschäftegen. Kanns du eso' eppes begreifen?

2. Szen: De'selwecht + ANNIE

ANNIE : (Am Mòlerkiddel, sötzt sech bei d'Staffelei a fengt un ze molen) A wo' brennt et?

LONY : Och, d'Marie. Du wés jo och, Annie (d'Elly schle't hei ans do e puer Te'n um Piano un).

- ANNIE: (lâcht) Och, d'Marie!
- ELLY: (zum Annie) Natirlech, da kanns du och nach Lâchen. Mir fillen ons âwer durch seng Behandlung de'f an onser E'er gekrânkt.
- LONY: Dofir si mir dach och schons Jofferen.
- ANNIE: (môlt weider) Ech sin och eng Joffer, durfir fuhren ech over net gleich ve'erspânnege aus der Haut.
- ELLY: Oh, wann én dach deng Ro'h hätt.
- ANNIE: Du hues et gesôt? D'Ro'h ass de' e'scht Biergerpflicht.
- LONY: Dât sés du oemmer.
- ANNIE: (Lét d'Pallett an de Pönsele nidder) Hun ech dan net recht? D'Marie gét dach haut fort, also régt iech dach öm Herrgottswöllen net me' op!
- LONY: Mir huet et over de Muergen nach zo'gemutt Kniddelcher ze mân.
- ELLY: An ech sollt am Sällchen stöpsen. Denkt der emol un!
- ANNIE: A mir wollt et beibringen, we' én eng Schlofzömmen an d'Reih mecht. Natirlech vum Dichterwuert: "Un beau désordre est un effet de l'art" Verstét eso' ént neischt? âwer mech dofir ze iergeren? Fällt mir am Drâm net ân.
- LONY: (lâcht) Du hues Recht, Annie, ech wèrt mech an Zukunft drugin mir déng glécklech Könschtlernatur unzeégnen.
- ELLY: Ech spieren och, dass den Ierger engem nemmen schuet. Ech huelen mir als Motto dât sche'nt Wuert "Mensch, ärgere dich nicht!"
- ANNIE: Zemol, wo' haut ons d'Betty kennt, onst Médchen fir alles.
- LONY: Wösst der wât? Ech stellen mir enerem Betty e ganzt idéalte Médchen vir.
- ELLY: E Médchen fir alles. Dât sét scho genuch.
- ANNIE: Ganz richtig. Et gét neischt iwer eng modern Môd, do ass én dach haut zu Dâg am bèschten opgehuewen. D'Marie ass jo eng gutt trei Se'l, âwer t'ass ze villi âlmo'desch.
- LONY: An eso' sin och seng Mane'eren. Hat méngt, well et ons als Kanner op dem Arm gedrôen huet, könnt et ons haut, wo' mer dach Jofferen sin, kommande'eren.
- ELLY: Eso' eppes wèrt d'Betty ons net zo'mudden. Et wèrt ons op den Hänn drôen.
- ANNIE: An d'Zeit vun engem "Dolce far niente" wèrt fir ons ubriechen.
- LONY: (löscht) Dolce far niente!!
- ELLY: (Dréchen) Op gutt letzeburgesch kléngt et net iewel.
- ANNIE: Den Numm huet neischt dobei ze sôn. Wann d'Betty dât hält, wât ech mer vun him verspriechen, da soll et mengetwégen he'ch liewen.
- ALL: Hoch! Hoch! Hoch!

3. Szen: De'selwecht + Madame WAGENER

- MADAM: (Eng le'f frendlech Damm) Wat der schenécker. Wât, wíem, wíem hutt dir d'én "Hoch" bruecht?
- LONY: Onsem Betty, dât haut könnt.
- ANNIE: Dât idéalte Médchen fir alles.
- ELLY: An dem dolce far niente, dém mir ons elo können higin.
- Mme.: Jé, jé, jé, vîlleicht wèrt dir iech nach verwonneren.

- LONY : Dann héscht et net me': Lony, mâch du Kniddelcher.
ELLY : An och nte: Elly, stöps du d'Miwelen am Sall.
ANNIE: An ech kann alles a künstlerescher Uerdnung leie lôssen, we' ech wöll.
Mme. : Dât si jo lauter Kannereien. D'Marie ass eng gutt trei Se'l, dât - - -
ALL : Dât wösse mir schons auswennech.
Mme. : Dât ech net gèr fortgoen lôssen. Ech hun iech de Wölle gedôn, an hun dem Marie opgesôt, âwer et d'et mir wirk-lech we' am Hierz.
LONY : Och, Quatsch, Mamma, d'Marie ass eso' wonnerlech.
ANNIE: A launesch.
ELLY : An d'kommande'ert ons.
Mme. : D'huet et over oemer gutt mat iech geméngt.
LONY : Mir sollen ons wuel vun dém nach zillen lôssen.
ELLY : Ganz richtig, Lony, dât ge'ng nach grâd fehlen.
ANNIE: Du muss dach agesin, Mama, dass d'Marie net me' zo' ons passt.
Mme. : (röselt de Kapp) Dir wèrt iech nach wonneren. D'Médercher vun haut - - -
LONY : Sin op der He'cht.
ELLY : Du wèrs gesin, Mama, datt mir Recht hun.
Mme. : âwer, dir hutt d'Betty jo nach net gesin.
ANNIE: Dât mecht neischt, Mama, Den Numm ass scho chic.
LONY : Betty, dén Numm ass we' e Gedicht.
ELLY : A mengen O'ren kléngt et we' Musék.
Mme. : Méngetwégen. Fir t'e'scht musst dir Erfahrungen sammeln, da schwätze mer weider mat enén.

4. Szen: De'selwecht + MARIE

- MARIE: (e beschen âlmo'desch, awer gutt geklét, e Kuref am Arm) Ech wollt - dât héscht - ech wollt elo gôn, an ech sin (wöscht sech d'âen) an ech si kom - fir iech avoir ze sôn.
Mme. : Da si der schon fêrdeg fir ze gôn, Marie. (D'Médercher gi verléen a beschäftegen sech mat hiren Arbechten)
MARIE: (ze't en Nuesschnappech aus der Täsch) Mei Koffer- kônnst ech net mathuelen, ech lôssen en' haut âwer nach ôfhuelen
Mme. : Nu kreischt dach net eso'. Marie, mir wèrden oemer gutt Frönn bleiwen.
MARIE: (schluchzt) Dât hätt ech net geduecht, wo' ech eso' lâng trei elei gedéngt hun.
Mme. : 2) (sie sét dem Marie eppes lues an d'O'er) D'wèrt nach alles gutt gin, Marie (Marie kückt me' frëndlech, lâcht a wénkt). Also Dir wèrstitt mech.
MARIE: (dréckt der Madame mat be'den Hänn d'Hand) Ech sôn, iech villmols merci, méng le'f Mme. Wagener. Jo, jo ech verstin.
Mme. : Da wölle mer virun mâchen, Dajé, eddi Marie, a lôsst iech et gutt gôn op èrer Plätz. (Röselt dem Marie d'Hand)
MARIE: Merci, Madame, a wann de Bauer mat de Gromperen kônnst da gitt em net me' we' 90 Frang, fir d'Mâler, eso' hun ech et mat em ausgemâcht.
Mme. : (Lâcht) Dir gutt Se'i! Dass der nach iwer dem Fortgôn eso' besuergt sitt.
MARIE: (get'd em Lony d'Hand) Avoir, Lony, ech muss elo gôn.
LONY : Avoir, Marie, hoffentlech gét et iech ganz gutt!

- MARIE: Vergiess net, owends d'Möllehdöppen eraus ze sétzen fir de Möllechjong.
- LONY : (lâcht) Ech wèrt gewöss drun denken.
- MARIE: (gett dem Annie d'Hand) Eddi, Annie, vergiess owends net d'Blumen ze netzen.
- ANNIE: (Frendlech) Avoir, Marie, ech wèrt et net viergiessen.
- MARIE: (gett dem Elly d'Hand) Eddi, Elly, göf owends oemer gutt uecht op de Krun vum Gas an èrem Schlöfzömmmer gutt zo' ass.
- ELLY : Avoir, Marie, et soll meng besonnesch Süerg sin.
- MARIE: Dann ass jo alles an der Reih, da kann ech jo göen, (gett nach Ke'er jidderengem d'Hand da gét et, De' âner stin nach eng Zeitchen ro'eg do, da könnt d'Marie nach eng Ke'er an d'Dir) Nach eppes, dât hât ech bâl vergiess, denkt och un de Kanarievull, Al; Dâg frösch Fudder, frösch Wässer, an hei ans dô e Blât Zalôt(wöllt fortgôn)
- Mme. : Ech gi mat bis op d'Dir, Marie (ôf)

5. SZEN: ELLY, LONY, ANNIE

- LONY : Dén Edjes huet engem dach léd gedôn.
- ELLY : Ech hun dât selwecht Gefill.
- ANNIE: Nujé, 't leit jo oemer eppes sentimentales an engem Edjes; ech si fro'h dass et iwerstân ass.
- LONY : 'T ännert sech alles émol am Liewen. Es kann ja nicht immer so bleiben, hier unter dem wechselnden Mond." T'muss én doriwer ewech kommen.
- ANNIE: Eso' ass et, in elo fort mat allen Sentimentalite'ten; D'Marie ass fort, elo wölle mir onse ganzen Intérêt dém neie Médchen zo'wennen. Et könnt iwregens bâl kommen.
- LONY : Ech versprieche mer vil vum Betty. Ech gesin et schon muergens mat enger weisser Spötzenhauff an engem Spötzenschierteg mir mei Kaffi op d'Bett bringen.
- ANNIE: In ech gesin am Géscht dât fleissegt Médchen am Haus eremmer wudderen. Alles blénkt a glötzert, ne'erens e Stöpschen, De' flénk Hänn hâlen alles an Uerdnung, o'ni dass mir ons em eppes ze bekammeren brauchen, we' d'Marie dât gèr gehât hätt.
- ELLY : In ech gesin schon d'Bild virun den Ân, wa mir am Wanter aus dem Théâtre oder vum Bâl kommen. Da stét d'Betty berét dô, hölleft ons ons Mäntel a Pelzer ausdin, et fe'ert ons an onse Sällchen, wo' alles gutt hémlech wârm ass, De Samover dén dempt schon, dass alles eso' gemittlech, mat engem Wuert, t'gét dach neischt iwer eso' e Médchen fir alles.

6. Szen: De'selwecht, Madame

- MME. : D'Marie dét mer awer léd, mir wèrden et nach dacks vermössen.
- LONY : Löss mer net me' dovun schwätzen.
- Mme. : Dir hätt jo gâr ère Wöll gehât, gutt, elo hut der en.
- ALL : Mir huelen alles op.
- ANNIE: Du wèrs gesin, Mama, d'Betty dât stellt eppes ganz âneschter vir. Mat dém lée mir E'er ân.
- Mme. : A wo'hir wés du dât, Annie? Dir hut ons nei Môd nach guer net gesin.
- ELLY : Dât sét onse tacte féminin. E modernt Médchen fir alles, dât duerdo' nach Betty héscht, muss einfach perfekt sin.
- Mme. : Schued, datt der net hei wârt, we' ets ech virstelle kom war. Mir ass et e bessen ze vill modern virkom.
- LONY : (lâcht)et kann haut zo' Dâg nie ze vill modern sin.

- ANNIE: Do muss ech dem Lony Recht gin. Marie war jo eng gutt trei Se'l, dät wor over och alles. Donwer wor et fir jong Dammen, we' mir sin, vil ze vill älmö'desch.
- ELLY: Kuck meng delikat Hän, domatt hätt ech solle stöpsen.
- LONY: A mei sche'nen Teint - dé soll ech mir an der Kichen verdierwen?
- ANNIE: An ech, dät ech eso' empfindlech sin ge'nt de Stöps, sollt d'Schlöfzimmer an d'Reih setzen.
- Mne.: Awer dät kann iech dach neischt schueden. Dät hun ech èr Mamm, dach schon honnert MÖL gemacht.
- LONY: (Emärbelt seng Mamm) Oh, Himchen, nemmen kéng Friedegt Du bass jo eso' gutt, du hues ons jo och erem de Wölie gelöss, mir wèrden (d'he'ert dobaussen en Auto tuten) Wät ass dät? (Sie kucken all zur Fenster aus)
- ELLY: 'T hält en Auto virun onsem Haus.
- ANNIE: Wie soll wuel de' chic Madame sin? Kuckt nemmen dé modernen Hutt, dén se ophuet.
- LONY: De Chauffeur dre't eng Bicyclelette an onst Haus. Solle mir wuel dé Besuch kre'en? (se ze'en sech vun der Fenster zréck)
- Mne.: Ech zwibbele mer schon eppes.

7. Szen: De'selwecht + BETTY

- BETTY: (en hypomodernt gebotzt Médchen. An der Hand huet et eng Hutteköscht, ennert dem Arm eng Tennisrakett. Sein Optrieden ass eppes burschikos)
- Bonjour, dir Herrschaften, elei sin ech. (Mech no alle Seiten Saluen. Allgeméng Verwonnerung)
- Mne.: Dät ass jo d'Betty?
- Méiercher: Dät ass - d'Betty !?
- BETTY: Ma sécher, ech sin d'Betty
- LONY: Onst Médchen fir alles?
- Mne.: (Lächt, mat Beto'nung) Onst Médchen fir alles (Lony, Elly Annie strecken d'Kepp zesummen a lachen)
- BETTY: (stellt alles op de Buedem, ze'ts ech mat élegante Gesten d'Händschen aus) Fir t'allere'scht ge'f ech d'Madame bieten mir ze sön, wuer ech meng Bycyclette stelle soll, de' ech ennen am Korridor stöen hun.
- ELLY: (zo' de Schwesternen) He'er dir, et huet e Râd!
- ANNIE: Donnerwetzki, so' sin haut de' modern Méd.
- Mne.: (Verwonnert) Dir hutt also e Velo matbruecht. Nujé da musse mer et alt einstweilen an d'Wäschkichen stellen.
- BETTY: (Geréngschätzeg) Hut dir eng Wäschkichen? Meng Herrschaften wo' ech virdrun war, hun dat alles op de Sieweburen besuerge gelöss.
- Mne.: (kill) Dät ka sin, ma bei ons geschitt dät net. We' stét et da mam kachen? Si dir doran perfekt?
- BETTY: O jo, wann der genuch Bouillonwürfel, Maggiszoppen, a Konserven am Haus hut, da sollt der emol gesin, we' schnell ech iech eppes op den Dösch bréngen.
- Mne.: We', ech verstin net récht? We' méngt dir dät?
- BETTY: Wösst der, läng an der Kichen am Dampf ze stön ass net meng Passio'n: dät muss vi', 1, 2, 3 göen, soss gin ech ongemitteled.

Madame: So' - so' - so'?

LONY : (zo' de Schwesteren) E modernt Médchen? Dât nennen ech Temperament, mat dém könne mir ons méngen.

ANNIE: Kuckt nemmen, et huet eng Tennisrakett.

BETTY: (bekuckt nach alles) Also hei ass meng nei Plâtz, (mecht Saluen) Ech wèrt geschwönn mat dénen Dammen, bekannt sin, (bekuckt kritisch d'Bild op der Staffelei) 't ass net iwel, awer ech hätt de' Partie dô, den Himmel, me' mat Kobaltblô behandelt (sie sin all ganz erstaunt)

ANNIE: We' verstitt dir och eppes vun der Môlerei?

BETTY: (bekuckt sech d'No'ten de' um Piano stin a schle't e puer Akkorden un) Ech hun fre'er, als Amateur vill gemôlt Dose Piano huet e sche'ne Klank.

ELLY : (Seefertersvannert) Könnt dir och Piano spielen? Dât ass over interessant.

BETTY: Ma jo, t'muss é jo vun alles e bessen kennen.

Mme. : (fir sech) Dofir dó Numm "Médchen fir alles". Do wèrde mir nach muenech Kobaltblôt Wonner erliewen.

BETTY: D'Operetten hun ech am le'fsten. Ech gin iwerhâpt leidenschaftlech gär op den Theater. Kenn der z.B. dôs Melodie (séngt eng Melodie) D'Madame schle't d'Hänn iwer dem Kapp zsummen, d'Módercher lâchen) Kenn der se net? Et he'ert én se dach âwer iwerall.

LONY : Gro'ssartig: Dât Médchen gefällt mer, dât brengt dach nach Liewen an d'Bûd.

Mme. : Ower nu sôt emol, wat kenn der dann nach ausser môle, Piano spielen an op den Theater gôen? (d'Betty lét de Pelz ôf) Kenn der Léngent ne'en a flécken?

BETTY: Hm, 't huet é jo eng Ahnung dervun, âwer, fir d'Wo'recht ze sôn, ech frôen net vill duerno, et kéft én hautzo'dag alles eso' bôlleg, dass d'Flécken wirkleech kén Zweck me' huet.

Mme. : Onst fre'ert Médche, d'Marie huet over ânescht geduecht. Dât wor ganz dichteg, konnt ne'en, flécken, Strömp flécken an-----

BETTY: (Lâcht) Awer dir Dammen, dir wèrt dach keng gefléckte Strömp drôen. (lâcht) Dér dun ech emol keng un.

Mme. : So' - so' - so' Wât mâcht dir dann mat èren zerrasene Strömp?

BETTY: (Matt enger entspriechender Bewéung mat der Rakett) De' geheien ech an den Drecksemer - iwerhâpt ke'm ech sche'n un, wann ech als Präsidentin vun Hausbeamtinnen-Verein ge'f gefléckte Strömp drôn.

Mme. : Och dât sitt der nach niewebei?

BETTY: Jo. - Iwregens fällt mer elo ân, dass ech fir haut den Owend eng Versammlung aberuff hun, da ge'f ech wôllen den Hausschlôssel frôen.

Mme. : (fir sech) Du le'wer Himmel, dât get jo oemer me' bond) (hârt) Da kommt elo emol mat iwer dass ech iech èrt Zômmer weisen an iech mat èrer Arbecht bekannt mán (d'Betty holt seng siewe Sâchen a gét mat der Madame ôf)

8. Szen: ELLY, LONY, ANNIE

ANNIE: (nodém se allen drei eng Zeitlång gelâcht hun)
Also dât war d'Betty. Onst Idéal ass verwirklecht gin.

LONY : We' chic;

ELLY : We' gro'ssarteg?

ANNIE: We' gebilt;

LONY : Et spillt Tennis, fiert Râd an 't'ass Présidentin vum
Hausbeamtinnen-Verein.

ELLY : Et spillt Piano

ANNIE: Et môlt.

LONY : Fir ons fengt eng nei Zeit un.

ELLY : Wat e Gléck dass mer dem Marie senger lass sin.

ANNIE: Eng Môd, ewe' d'Betty, dât wèrt ons ke'ngst Drém verwirk-
lechen. Vive onst "dolce far niente" dat fir ons uférkt.
(sie danzen am Zômmer erem.)

2ten A K T (2 Wochen me' spe't)

1. Szen: LONY, ANNIE

Lony stét op enger Léder mat engem Sâlschierteg un, opgeschirz-
ten Aerm a wäscht d'Fenster. Hei ans do klômmt et erôf an dre't
de Schwamp an enger Bidden aus a wäscht da weider. Annie och mat
engem Schierteg an engem Duch òm de Kapp, wickst den Uewen a ge-
béckter Haltung. Vun Zeit zu Zeit keimt a we'mert et, hält sech
d'Seiten a fiert sech mat de schwârzen Fangeren am Gesicht erem,
dat dodurch ganz schwârz gött. D'Stimmung ass gereizt)

LONY : Ass dat dât bequemt Liewen, vun dém mer gedrémt hâten.
Wo' ass onst geprésent "dolce far niente"?

ANNIE: (keimt iwerem opstôen) Autsch, mei Réck, ech kann net me'?

LONY : (lâcht batter) Jo, jo Schwesterchen, dât ass ongewinnt
Arbecht. Ech ge'f och lie'wer Filet máchen, ewe' hei
d'Fensteren botzen.

ANNIE: D'Palett an d'Pensel kann ech besser fe'eren ew' d'Uewe-
bîscht an den Topsy (Se bekucken sech eng Zeit a lâchen)
Mir könne elo gutt lâchen.

LONY : Eso' eng Blamâsch. D'Betty mecht over och guer neischt.

ANNIE: Elo soll muer de Mononk Pôl op Besuch kommen, da muss de
Quartier blénken an an der Reih sin. Awer jo, mir können
dat besuergen, well onst Médchen fir alles bekemert sech
awer och em glât neischt.

LONY : Kuck meng Hänn, we' rauh se vum Wâsser sin. Haut de muergen
hun ech eso' guer müssen d'Gromperen aus dem Heller huelen.

ANNIE: A meng Hänn ere'scht!

LONY : (lâcht) An dei Gesicht, Annie. Du geseis eraus we' dé
réngste Schuestegféer. (Sie schaffen schnell weider. No
enger Zeitchen)

ANNIE: Ech wonneren mech, fir d'Wo'recht ze sôn, iwer d'Mama.

ANNIE: Fir de' unwürdeg Behandlung de' mir kre'en sche'nt sie
keng Aen ze hun.

LONY : Au contraire. We' sie elo grâd durch Zômmer gâng ass, hun
ech eso' guer geméngt, sie ge'ng hémlech lâchen iwer ons.

ANNIE: Jo, gedu, ech hun dât selwecht anuecht geholl.

LONY : An hiren Ken huet et schélmesch gebletzt, we' wann sie ge'f wöllen sôen: Dât schued iech neischt. Mat dém êlmo'desche Marie war der net me' zefridden, elo le'ert eng modern Môd iech emol Mores.

ANNIE: Eigentlech, eso' ganz Onrecht hätt d'Mama net, wann se ge'f eso' denken, D'Marie dât wor schliesslech.....

LONY : Pst, nemmen net schwäch gin an nôgin. Wa mir dât och agesin, duerfe mir over neischt mierken lôssen.

ANNIE: Ro'eg, elo könnt d'Betty (sie schaffe weider)

2. Szen: De'selwecht + BETTY

BETTY: (an engem eleganten Hauskléd, mat weisser Stetzenhauff a schierteg. Et dre't en Teppchklépper a summt eng Melodie, steipt d'Hänn a kuckt de Médercher nô) Nun, we' weit sin de' Dammen?

ANNIE: (Riecht sech op) Ech gin net fêrdeg mat dem Uewen, e wöllt net blénkeg gin. Ge'f dir net emol probe'eren wellen, Betty? (Récht him d'Bischt)

BETTY: (Wiert lâchend ôf) Fällt mer net an. Mengt dir wuel, ech ge'f mir d'Fangeren un dem âlen Uewen do wöllen schmotzeg mân?

LONY : (be's) Ech hätt dir gleich könne soen, Annie, dass déng Frô kén Zweck hätt.

ANNIE: (wickst iergerlech weider) Dofir huet én nun "e Médchen fir alles".

BETTY: Wann iech gelifft; Mir hun an onsem Hausbeamtinnen-Verein éstômmege de Beschloss gefâsst, dass mir ons fir es' Arbechten net me' hirgin. Fir ons kommen nemmen me' de' Herrschaften a Betruecht wo' et kéng me' eso' Arbechten gött. (klappt e puermol op de Kanapé.)

3. Szen: De'selwecht + ELLY

ELLY : (och am Arbechtskostüm. Et dre't en Emer an e Schruppert stellt den Emer dohin, steipt sech op de Schruppert an ze't Otem.) Do, elo hun ech d'Trâp an de Gank gebotzt - autsch, méng Seiten!

BETTY: Sitt der mat der Trâp fêrdeg, Joffer Elly?

ELLY : (kurz) We' der gesitt.

BETTY: (dréckt dem Elly de Klépper an d'Hand) So' da klappt, wann iech gelifft, de Kanapé aus, ech muss nach hurteg meng Coiffure ang Ke'er mân, et ass de Muergen so' schnell gång, well ech mech verschlôft hât) (léft fort)

4. Szen: ELLY, ANNIE, LONY

ELLY : (kuckt dem Betty ganz verdutzt nô, de' âner lâchen hârt) Wât héscht dât?

LONY : Dolce far niente, ha, ha, ha!

ANNIE: E gebillt Médchen fir alles, hi, hi, hi,

ELLY : A mir sin Dâbôen, dass mir ons dât gefâle lôssen! (klappt eifreg de Kanapé)

LONY : (nô enger Zeit) D'Frechhét vundém Dengen grenzt ower un d'Onme'glecht.

ANNIE: Lôss mer et richteraus sôen, mir si mat dem Betty sche'n eragefall.

ELLY : Do wor dach d'Marie - - -

LONY : (Ongedelle) Och, dat wösse mer scho lîng, fir wât nach lamenté'eren.

ANNIE: Mir können dach d' Betty net eso' Knall a Fall fort-schécken, wât ge'wen d' Leit sôen;

ELLY : (we'mert) Och, d' Loscht um Liewen vergét engem bâl (klappt weider)

5. Szen: De'selwecht, MADAME

MADAME: (kônnt erân a kuckt eng Zeitchen schmunzelnd de Médercher nô) Na, Kanner fleisseg?

LONY : (firs ech) D'Mama lâcht ons erem aus.

ANNIE: Mama, ech kre'en den Uewen net blénkeg an ech schwéssen schon.

Mme. : (lâcht) A we' der Jômer geseis du eraus.--Gelt, d'Marie konnt dat besser.

ELLY : Dass over och grad muer de Mononk Pôl op Besuch komme muss - a mir ons durfir elei mussen geheien.

Mme. : D'Haus muss over blitzblank sin, dat verlânkt d'Frâene'er, Wo' ass d' Betty?

LONY : D'Joffer coiffe'ert sech.

Mme. : Jo, richtig, d' Betty gét jo Commissio'ne mân, an da botzt et sech oemer nach e we'neg?

ELLY : A mir können an dér Zeits schaffen we' d' Ieselen (klappt de

Mme. : Ma dir wollt et dach eso' hun. D'Marie war iech ^{Kanapé} ze âlmo'desch - an d' Betty ass dach eng modern Môd.

ANNIE: T'ass e Klédergeck.

Mme. : D' Betty spillt over Piano!

ELLY : A le'sst mech de Kanapé klappen an d'Trâpe wäschen.

Mme. : D' Betty môlt?

ANNIE: A mir get et d'Wichsbâscht an d'Uewewichs an d'Hand.

Mme. : D' Betty stét ower un der Spetz vum Hausbeamtinnen-Verein.

LONY : An durfir stin ech op der Léder an hun dat zweifelhaft Flese'er, d'Fensteren ze wäschen.

Mme. : D' Betty fiert och Râd, spillt Tennis, râcht Zigaretten, liest Romanen, kârzen, d' Betty ass eng he'chstmodern Môd, so' we' dir iech emmer eng gewôncht hutt.

ELLY : Du mechs nemmen de Geck mat ons.

Mme. : Kang Reprochen, Kand. Et wor ère Wôll elo hutt der en.

6. Szen: De'selwecht, BETTY

BETTY: (opgedonnert, mat Hutt a Poschette. Aus enger Parfumsfläsch, de' op dem Schreiw dôsch stét, besprôtzt et sein Nuesschnappeg) Eñ kann elo d'Kommissio'nen mân gôn, em des Zeittass och d'Bibliothe'k op, da kann ech mir an éngens e Buch matbréngen.

LONY : (zu senge Schwesternen) Do, kuckt nemmen d'Joffer.

ANNIE: Dat kennt den "Dolce far niente" besser we' mir.

ELLY : T'huet eso'guer deng Parfumerie geholl, Lony.

LONY : Eso' eng Frechhét!

Mme. : (zum Betty) Sôt zum Metzler, esollt ons muer e sche'nt Stéck Filet schécken, mei Brudder ass nâmlech e Kriddeléchen.

BETTY: Ech gi bei de Schulz, dé kennt mei Goût.

MADAME: De' âner Sâchen, dât wösst der jo alles. Mir hu jo neischt vergiess?

BETTY: Ech besuergen alles.

Mne. : Da wârt (greift an d'Täsch) ech gin iech Geld matt -
over ech hu mei Portemonnaie an der Kichen leien
(Mne. a Betty ôf)

7. Szen: ELLY, LONY, ANNIE

ANNIE: (stellen sech allen drei bei d'Fenster) D'Joffer brengt
sech an engens e Buch aus der Bibliothek matt, et ass
einfach zum sche'ssen.

LONY : Et könnt mir wirklech onhémlech vir, d'ass d'Mama ge'nt
all de' Extravaganzen neischt anwenden huet.

ELLY : Dir hutt dach elo gräd gehe'ert, we' d'Mama gestéchtelt
huet. Kuckt, dô firt ons Joffer op hirem Râd.

ANNIE: We' graziös. De' rengste Fé!

ELLY : A mir sin d'Lischpiddelcher.

ANNIE: Nu lösst emol dât Gejâmers, Fir de Moment ass dach neischt
ze mâchen. In d'"Marie" kre'e mir eso' licht net me'!;

8. Szen: De'selwecht, MADAME

(D'Madame könnt eran a lauschter de Médercher nô, uni vun
(hinnen gesin ze gin).

ANNIE: Dât muss over oenner ons bleiwen, well virun der Mama
duerfen mir dat net anzege'stöen.

ELLY : Eei leiwe net! Mir müssen doran onse Stolz sétzen. Mir hun
ons d'Zopp agebrécht, elo musse mer se och iessen.

Mne. : (fir sech) se'er gutt.

LONY : Och jo, dem Marie, hu mer batter Onrecht gedôn et geseit
én dât ere'scht eso' recht ân.

ANNIE: Wo' et ze spe't ass.

ELLY : Wât d'Marie vun ons verlängt huet, wor jo am Grond guer
net vill. Et wollt ons jo nemmen Sönn fir d'Hauswirtschaft
beibringen, dat jo och schliesslech de' feinst Damm wösse
muss.

Mne. : (firs ech) Endlech kennt d'Erkenntnis. Dât ass over in-
teressant.

LONY : Am iwrégén wor d'Marie we' eng Mamm fir ons.

ANNIE: Jo, we' besuergt wor de' gutt Se'l nach, we' se fort-
gängen ass. T'huet nach un d'Gromperen, Blumen, de Gaz
a schliesslech nach un de Kanari geduecht. So' eppes ge'f
dem Betty net an Drâm afâlen.

ELLY : Dât; - Dât ge'f ons stierwen a verdierwe lössen.

LONY : Watt, losse mer erem viru schruppen a botzen, fir dass mer
fêrdeg gin. D'Mama soll ons net nosôen, dass - (geseit
d'Mama) Do stét d'Mama!

ANNIE an ELLY: D'Mama!

Mne. : (trettt ervir) Jo, jo, èr Mamm huet èr reimiddeg Uklô
gehe'ert.

Médercher: Sie huet alles gehe'ert!

LONY : Da lôss mer och e'erlech sin an der Mama agestôn, datt
mer ons se'er mam Betty ge'irt hun.

ANNIE: Jo, dât hu mer.

MADAME: (lâcht) Kuckt emol, Si der elo kure'ert?

ELLY: Grendlech! Over wien konnt dât och viraus wössen?

Mme.: (fein) Kanner, hätt der schon emol eppes vun engem gewössen De'er gehe'ert, dât de' schlickm Gewunnecht hât, op d'Es danzen ze gën?

Nun dir hätt och eso' gehandelt, D'Marie huet iech verwint, du sît der iwermiddeg gin an - -

ANNIE: A mir sin op d'Es danze gângen. Jo, et wor e richtigem Ieselsstréich, dass mer eso' ondankbar ge'nt d'Marie woren.

LONY: Lössen sech da begänge Fehler net me' gutt mân, Mama?

Mme.: Dât wêrd wuel ze spe't sin, ewell e Bijou we' d'Marie le'st kén eso' licht eren gôen. (D'Médercher lössen d'Kepp hénken)

9. Szen: De'selwecht, MARIE

MARIE: (kônnt frendlech erên) Bonjour, all zesummen! We' gét et wât mécht der?

Médercher) sprangen op et duer, reseln him d'Hand, emärbelen et, klappen em op d'Schölller etc.) Marie!, Marie! Do ass jo onst gutt Marie!

ANNIE: Dâta ss over sche'n, Marie, datt der ons besiche kommt.

LONY: D'Marie huet gewöss no ons verlângert, géll dir?

ELLY: D'Marie bleibt elo bei ons, mir lössen et net me' fort.

Mme.: Awer, Kanner, dir erdréckt d'Marie jo, lósst et dach emol zo' Wuert kommen.

MARIE: (lâcht) Wât ass dann eigentlech hei geschitt? Elly, Lony Annie, ewe' gesitt der aus?

ANNIE: Mir kre'e Besuch, de Mononk Pôl kônnt muer, du (verschient) hu mer - e bessen gehollef.

MARIE: (schle't d'Männ um Kepp zesummen) Du le'wer Herrgott, eso' hu der misse schaffen?

Mme.: Dat neit Mädchen ass nämlech se'er gebillt. Et môlt, spielt Piano, fiert Râd - - -

Médercher: Mama, só dach net alles gleich.

MARIE: (lâcht) Eh verstin.

ELLY: Marie, well der net eren bei ons bleiwen?

LONY: Ech hellefen och gär Kniddelcher mân.

ANNIE: Sôt dach jo, wannech gelifft?

MARIE: Ech sin nerme komm, fir d'Woll ze huelen de' ech leie gelöss hat. De' Strömp fir d'Lony, de' ech grad ugefângen hat, si fêrdeg, ech brengen se nächstens matt.

LONY: Merci, Marie - - A well dir net eren bei ons kommen?

Mme.: Wam d'Marie dach eng âner Plâtz huet, kann et dach net bleiwen.

Médercher: We' schnell! (schued)

Mme.: (lâcht) A wo' ble'f dann eren dolce far niente?

ANNIE: (weist d'Uewebîscht) Kuck, Mama, domat ass mir den "dolce far niente" grendlech ausgedriwe gin.

LONY: A mir mat desém Fensterlieder.

ELLY: A mir mat desém Schruppert an dem Teppedklépper.

MARIE: Wat muss ech alles gesin!

10. Szen: De'selwecht, BETTY

BETTY (kennt eragerauscht, wèrft dem Marie, dat se'er verwon-
nert ass, e verächtliche Bléck zo'. Zur Madame) Ech re-
grette'eren, Madame, dass ech d'Kommissio'nen net mé' all
mäche konnt.

Mme.: A firwat dann, wann ech frôen dèrf?

BETTY: Vun onsem Hausbeamtinnen-Verein ass de Streik iwer d'ganz
Städt proklame'ert dén (kuckt op d'luer) gräd elo mam
Klakkeschläg ufénkt.

MARIE: (zum Lony) Wat ass dât fir eng Perso'n a wat wöllt de' hei?

LONY: Dat ass jo d'Betty, ons nei Môd. (D'Marie schle't d'Hänn
um Kapp zesummen)

Mme.: Eso? Also de Streik ass vun iech proklame'ert gin? Er
Grönn kann ech mer schon denken. Wo' gét dat over hin,
wann an Zukunft d'Méd - - -

BETTY: (fällt hir an d'Ried) Wann ech gelifft, mir si keng Méd,
over Hausbeamtinnen. Dach wat soll ech mech nach iwer
eso' eng Belédigung iergeren, Ech wèrt mer erlâben, e
Sonndeg fir d'Ofrechnung virzespriechen (ôf)

11. Szen: De'selwecht o'ni d'Betty

ANNIE: Gott sei Dank, dass mer der Joffer glécklech lass sin.

LONY: Elo si mer over o'ni Höllef, a muer könnt de Mononk.

ELLY: (kuckt dem Marie an d'ien) Marie, ass et wirklech wo'er,
si dir nemme kom, fir d'Woll ze sichen. Nu sôt ons
d'Wo'recht?

MARIE: (lâcht) Frôt èr Mamm;

MADAME: Nun, da wöll ech iech sôen; D'Marie kann direkt blei-
wen, well ech hat hat net entlöss, et wor nemmen hém
op Besuch. Sit der nun zefridden?

Médercher: (Fâlen iwer d'Marie hîr) Hurra:

MARIE: Iwer, Lamer, erdréckt mech dach net?

V o r h a n g
